N°2534
Entrée le 30.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2534 vum 27. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement**

1. **Ass d'Veröffentlechung vun Nimm bei administrative Strofen eng zwéngend rechtlech Obligatioun op europäeschem oder nationalem Niveau?**

D'Zil vum europäesche Gesetzgeber, effektiv, strikt, ofschreckend an transparent Sanktiounsregimmer ze garantéieren, ass mëttlerweil an der grousser Majoritéit vun den EU-Veruerdnungen an EU-Direktive verankert. Dës schreiwen eng systematesch namentlech Publikatioun vun de Strofe vir, mat nëmme ganz vereenzelte gesetzlechen Ausnamen. Dëst huet och missen am Lëtzebuerger Recht ëmgesat ginn, also an de verschiddene sektorielle Gesetzer, déi op de Finanzsecteur uwennbar sinn, a bei deenen d'CSSF fir d'korrekt Uwendung suergt.

2. **Wéi gëtt entscheet, wéi eng Entitéiten anonym gehale respektiv wéi eng Entitéiten ëffentlech benannt an domat named and shamed ginn?**

Déi gesetzlech Basis fir d'Publikatioun vun enger administrativer Strof definéiert d'Konditiounen, d'Ausnamen an d'Modalitéite vun der Publikatioun. Wéi scho gesot, gesäit déi grouss Majoritéit vun de gesetzlechen a reglementaresche Bestëmmungen ausdrécklech de Prinzip vun enger systematescher namentlecher Publikatioun vun administrative Strofe vir.

Och wann den Text vun de gesetzlechen Ausnamen net ëmmer identesch ass, kann ee soen, dass eng Publikatioun ausnamsweis anonym ka gemaach ginn, z. B. wann eng Sanktioun géint eng natierlech Persoun ausgeschwat gëtt an eng obligatoresch virausgoend Evaluatioun ergëtt, datt d'Veröffentlechung vun de perséinlechen Donnéeën net verhältnisméisseg wier, oder wann d'Publikatioun eng lafend strofrechtlech Enquête beanträchtege géif, oder och wann d'Publikatioun een onverhältnesméissege Schued fir déi betraffe Persoune géif verursaachen.

3. **Gëtt et e Mechanismus, deen d'Proportionalitéit tëschent der Schwéiert vun der Infraktioun an der ëffentlecher Bekanntgab vum Numm evaluéiert?**

Beim Uwenne vun de gesetzlechen Ausname mécht d'CSSF, am Aklang mat den uewe genannte Virgaben, eng Fall-zu-Fall Evaluatioun a berücksichtegt dobäi d'Verhältnisméissegkeet tëscht dem Schued, deen enger Persoun duerch eng namentlech Veröffentlechung entsteet, an dem ëffentlechen Interessi un enger namentlecher Veröffentlechung.

4. **Wéi evaluéiert d'Regierung den negativen Impakt vum "Name-Shaming" op d'Attraktivitéit vum Lëtzebuerger Finanzplaz, besonnesch wann iwwer 200 Entitéiten zënter 2019 bestrooft goufen?**

Eise legale Kader, zesumme mat enger Iwwerwaachungsautoritéit, déi d'Méiglechkeet huet jee no Gravitéit vu festgestallte Verstéiss verhältnisméisseg Sanktiounen ze schwätzen, droen zur Robustheet an domat och zur Attraktivitéit vun eiser Finanzplaz bei.

5. **Wéi vill Entitéiten, déi zënter 2019 eng administrativ Strof vun der CSSF kritt hunn, hunn zënter hir hir Aktivitéiten hei am Land agestallt? Wéi vill dovunner goufe mat Numm genannt?**

D'CSSF ka kee kausale Lien tëscht der namentlecher Publikatioun vun enger administrativer Strof géint eng Entitéit an enger eventueller Entscheedung vun där Entitéit, hir Aktivitéiten zu Lëtzebuerg anzestellen, feststellen.

6. **Géif d'Regierung eng Iwwerpréiwung vun dëser Praxis am Fall vu méi klengen oder trivialen Infraktiounen a Betruecht zéien, wann dës net vun europäeschen Direktive gefuerdert gëtt?**

D'CSSF ass fir d'Iwwerwaachung vu Finanzacteuren, déi an hire Kompetenzberäich falen, zoustänneg an trëfft hir Decisioun opgrond vun de geltenden EU- an nationale Reegelen an aller Onofhängegkeet. All Decisioun kann dobäi, wéi sech dat fir ee Rechtsstaat gehéiert, viru Geriicht ugefecht ginn. Doru wäert dës Regierung näischt änneren.

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth